2024

Mënschen. Gestalten. Regiounen.

LEADER
WËLLE WESTEN

Regioun * Région
LEADER Wëlle Westen

Mënschen.
Gestalten.
Regiounen.

Dës Iddi hannert dem LEADER-Programm existéiert scho méi wéi 30 Joer – eng Iddi, déi Veränneru ng duerch Engagement an Zesummenaarbecht förderen. Och de LEADER-Grupp Wëlle Westen setzt op dës Kraaft, fir d'ländlech Regioun am Weste vum Land nohalteg a liewenswäert ze gestalten.

Mat dësem **Rapport d'activités** gi mir lech en Iwwerbléck iwwert déi spannend Projeten déi 2024 ëmgesat goufen. Si spigelen d'Vilfalt an d'Kreativitéit vun der Regioun. All Projet ass en Zeechen dofir, wéi lokal Acteuren – vum engagéierte Bierger a Gemenge bis hin zu innovative Veräiner – zesummen eng Regioun gestalten a verännere kennen.

Cette idée derrière le programme LEADER existe depuis plus de 30 ans – une idée qui encourage le changement par l'engagement et la coopération. Le groupe LEADER Wëlle Westen mise également sur cette force pour rendre la région rurale à l'ouest du pays durable et vivable.

Dans ce **rapport d'activités**, nous vous proposons un aperçu des projets passionnants réalisés en 2024. Ils reflètent la diversité et la créativité de la région. Chaque projet témoigne de la manière dont les acteurs locaux – des citoyens engagés et des communes aux associations innovantes – peuvent ensemble façonner et transformer leur territoire.

2024
an Zuelen
en chiffres

Reunioune vum Comité exécutif
Réunions du comité exécutif

4

Neie Member am LEADER-Grupp Wëlle Westen
Nouveau membre au groupe LEADER Wëlle Westen

7

Ofgeschlosse Projeten
Projets clôturés

5

Reunioune vum Comité déliberant
Réunions du comité délibérant

1

5

Bierger erreecht
Citoyens atteints

21.800

Nei Projete fir d'LEADER Period 2023-2029
Nouveaux projets pour la période LEADER 2023-2029

2024
AKTIVITEITEN * ACTIVITÉS

- Workshop mat LEADER-Gruppen aus ganz Europa am Kader vum transnationale Projet *Our common future*, den 31. Januar an den 1. Februar zu Rëmerschen, Lëtzebuerg, a vum 4. bis de 6. November a Portugal.

- Virstellung vun de Servicer vum Kanton fir d'Gemengen de 24. Januar an 8. Februar.

- Transnationalen Echange mat der Regioun LEADER Haute-Sûre – Forêt d'Anlier, de 26. Februar fir iwwer méiglech Kooperatioune mat der Nopeschregioun an der Belsch ze schwätzen.

- Ofschlossfeier vum transnationale LEADER Projet *Slow Travel Experience - Zäit fir Land a Leit*, de 17. Abrëll zu Randschelt am Musée Thillenvogtei.

- De LEADER-Grupp ass säit Mee neie Member am Comité de Pilotage Natura 2000 Atert- a Warkdall.

- Besuch vun der Madamm Martine Hansen, Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, de 6.

- Workshop avec des groupes LEADER venant de toute l'Europe dans le cadre du projet transnational *Our common future* le 31 janvier et 1er février à Remerschen et du 4 au 6 novembre au Portugal.

- Présentation des services du canton de Redange pour le personnel des communes le 24 janvier et 8 février.

- Echange transnational avec la région LEADER Haute-Sûre - Forêt d'Anlier, le 26 février, afin de discuter des possibilités de coopération avec la région voisine en Belgique.

- Événement de clôture du projet transnational *Slow Travel Experience* le 17 avril à Rindschleiden au Musée Thillenvogtei.

- Le groupe LEADER est membre du Comité de pilotage Natura Atert-Warkdall depuis mai.

- Madame la Ministre Martine Hansen, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture, a visité le bureau LEADER le 6 mai.

Mee am LEADER Büro.

- Transnationalen Austausch *Internationale LEADER-Exkursion* tëscht LEADER-Gruppen aus Däitschland, Éisträich a Lëtzebuerg am Pongau -Tennengau an Éisträich, vum 17. bis den 19. Juni.

- Ofschlossconcert vum Projet *All together* op der Kinnekswiss, de 6. Juli.

- Éischt Treffe vun den Duerfentwéckler am Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, den 23. September.

- Ofschloss vum Projet *Regionalwert AG Lëtzebuerg* zu Osper, den 30. September um Biohaff *T'Charlys Oil*.

- Besuch vun der Kulturmillen de 7. Oktober, am Kader vum touristeschen Austausch vun der TouristInfo Wëlle Westen.

- Échange transnational *excursion LEADER internationale* entre groupes LEADER venant de l'Allemagne, de l'Autriche et du Luxembourg à Pongau-Tennengau en Autriche, du 17 au 19 juin.

- Concert de clôture du projet *All Together* à la Kinnekswiss le 6 juillet.

- Première réunion des chargé(e)s pour le développement villageois au Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture le 23 septembre.

- Événement de clôture du projet *Regionalwert AG Lëtzebuerg* à Ospern, le 30 septembre à la ferme Bio *T'Charlys Oil*.

- Visite de la Kulturmillen le 7 octobre, dans le cadre de l'échange touristique organisé par le TouristInfo Wëlle Westen.

Engagéiert Membere vum
Membres engagés de
LEADER Wëlle Westen

Commune de Beckerich

Commune d'Ell

Commune de Groussbus-Wal

Commune de Mertzig

Commune de Préizerdaul

Commune de Rambrouch

Commune de Redange

Commune de Saeul

Commune d'Useldange

Atert-Lycéee Redange

A'Musée a.s.b.l.

OS Care

De Kär a.s.b.l.

Kulturmillen

ASIVEMA a.s.b.l.

Autisme Luxembourg a.s.b.l.

Äerdschëff a.s.b.l.

Chambre d'Agriculture

Doheem Versuergt a.s.b.l.
Club Senior Atertdall

Ekodaul a.s.b.l.

Forum pour l'emploi a.s.b.l.

Kultur a Buergfrënn
Uselding a.s.b.l.

Lëtzebuerger
Privatbësch a.s.b.l.

Maison de l'eau a.s.b.l.

Musée de l'ardoise a.s.b.l.

Musée Thillenvogtei
Randschelt a.s.b.l.

ORT Guttland

Op der Schock a.s.b.l.

Repair Café a.s.b.l.

Syndicat intercommunal
De Réidener Kanton

Youth & Work s.à r.l. SIS

PROJETEN
PROJETS
2024

F15

F15

REGIONALWERT AG LËTZEBUERG

En Investitiounsinstrument fir Betriber an der Transitioun. Duerch dëse regionale LEADER Projet gouf e solidarescht Investitiounsinstrument opgebaut. D'Bierger*innen hunn d'Méiglechkeet Parte vu Gringgo ze kafen an dat gesammelt Kapital gëtt sënnvoll an d'Transitioun vu Betriber investéiert.

Investoren:
Präsenz a Kommunikatioun

Aktuell Projeten:
Vun der Atert
E-Community
CORECA

Netzwierk:
30 **aktiv Partner**

Konsumentenzuel:
88 **nei Clienten**

Investisseurs :
présence et communication

Projets actuels :
Vun der Atert
E-Community
CORECA

Réseau :
30 **partenaires actifs**

Nombre de consommateurs :
88 **nouveaux clients**

Un instrument d'investissement pour des entreprises en transition. Grâce à ce projet régional, un instrument d'investissement solidaire s'est mis en place. Les habitants de la région ont la possibilité d'acheter des parts nominales de Gringgo et le capital collecté est par la suite investi dans la transition des entreprises.

GEWËNN MAT SËNN
Gringgo

www.gringgo.lu

TOURISMUS
& KULTUR
FÜR ALLE
Inklusive Angebote
in Luxemburg

Inklusiven Tourismus
Tourisme inclusif

Touristesch Offere sinn dacks net adaptéiert fir Leit mat spezielle Bedürfnisser. Dat huet Op der Schock op de Plang geruff, déi kuerzerhand en Testgrupp an d'Liewe geruff hunn. Dësen Testgrupp setzt sech aus Leit mat enger geeschteger Beanträchtegung zesummen, fir déi touristesch Attraktiounen an der Regioun zesumme mat de Gemengen, dem ORT Guttland an den zoustännege Veräiner mat enger inklusiver Offer ze komplettéieren.

Classeur mat inklusiven, touristeschen Offeren

Opbau vum Textgrupp *Leichte Sprache*

Opbau vum Testgrupp Inklusiven Tourismus

Touristesch Offeren am inklusive Beräich

Classeur avec des offres touristiques inclusives

Création du groupe de texte *langage facile*

Création du groupe Tourisme inclusif

Offres touristiques dans le secteur inclusif

Les offres touristiques ne sont souvent pas adaptées aux personnes aux besoins spécifiques. Ce constat a motivé Op der Schock à constituer un groupe-test. Ce groupe-test se compose de personnes ayant une déficience mentale, et a comme mission de compléter les offres touristiques de la région par des offres inclusives, ceci en collaboration avec les communes, l'ORT Guttland et les associations responsables.

Op der Schock

www.ods.lu

Slow Mobility

D'Zukunft ass anescht mobil, dat ass eng vun de Grondiwwerzeegungen am Wëlle Westen. Vun der éischter Iddi, dem Opbau vun engem regionale Rentabike System, huet sech d'Iddi weiderentwéckelt zu der Realisatioun vun ausgeschaffte Vëlostouren, déi begeeschtert Vëlosfuerer duerch roueg Géigende féieren a souwuel ekonomesch wéi och sozial nohalteg sinn. Fir des Touren ze promouvéiere gouf eng nei visuell Identitéit ausgeschafft an zwou Kaarte gedréckt.

12
Vëlostouren an der Regioun Guttland

2
Kaarten mat den Touren vun den Ausgangspunkten Useldeng a Klengbetten

12
tours à vélo dans la région Guttland

2
cartes avec des tours ayant comme point de départ Useldange et Kleinbettingen

La mobilité du futur est différente, c'est une des convictions essentielles de la région Wëlle Westen. L'idée initiale du projet, celle de mettre en place un système Rentabike régional, a été convertie en l'idée d'élaborer des tours à vélos, qui mènent les cyclistes à travers des régions calmes et qui sont durables tant au niveau économique qu'au niveau social. Une nouvelle identité visuelle a été créée afin de promouvoir les tours et deux cartes ont été imprimées.

VISIT GUTTLAND

D'Toure fënnt een op follgende Plattformen:
Les tours peuvent être consultés sur les plateformes suivantes :

www.outdooractive.com
www.komoot.com
www.slowcycling.lu

Slow Travel Experiences

Op eng authentesch Manéier d'Regioun an hir Kultur entdecken, dat ass de Grondsaz ënnert deem den transnationale Projet *Slow Travel Experiences* ausgeschafft ginn ass. Entwéckelt goufen déi sougenannte Slow Trips, déi sech vu klassesche Visitten ënnerscheeden: Schmugglertour, Dollarmatti, Waldbaden, d'Visitt vu Randschelt an eng Schoulstonn am Musée Thillenvogtei, en Dag an der Leekoll an d'Visitt vun der Distillerie Fisch, sinn en Deel vun den Offeren, déi vum ORT Guttland ausgeschafft gi sinn. De Projet gouf de 17. Abrëll 2024 am Musée Thillenvogtei mat alle Partner präsentéiert. Eng Suite vum Projet, an transnationaler Kooperatioun mat europäeschen LEADER-Gruppen, ass fir 2025 an der Preparatioun.

8
Slow Trips an der Regioun Wëlle Westen

Kaddosbongen, illustréiert vum Lynn Cosyn

Opbau vun engem transnationalen Netzwierk

8
Slow Trips dans la région Wëlle Westen

Bons cadeau illustrés par Lynn Cosyn

Création d'un réseau de coopération transnational

Découvrir la région et sa culture de manière authentique, c'est le principe sous lequel le projet transnational *Slow Travel Experiences* a été réalisé. Les Slow Trips ont été élaborées et se distinguent des visites touristiques classiques : Schmugglertour, Dollarmatti, bain de forêt, visite de Rindschleiden et une leçon d'école au Musée Thillenvogtei, une journée dans la Leekoll et la visite de la distillerie Fisch, sont une partie des visites qui ont été développés par l'ORT Guttland. Le 17 avril 2024, le projet a été présenté au Musée Thillenvogtei en présence de tous les partenaires. Une suite du projet est en préparation et est prévue pour 2025, en coopération transnationale avec des groupes LEADER européens.

VISIT GUTTLAND

All d'Slow Trips kann ee buchen iwwer:
Les Slow Trips peuvent être réservés sous :

www.visitguttland.lu

Eventplace Schlasspark Colpach

De Manège am Kolpecher Schlasspark sollt fir zukünfteg Veranstaltunge méi genotzt ginn. No éischte Reuniounen huet sech erausgestallt datt d'Manège eng opwänneg Renovatioun bräicht. Bis et souwäit ass, huet de LEADER-Projet mat der Gemeng Ell 2024 eng nei Nues kritt. D'Awunner aus der Gemeng waren opgeruff fir un enger Ëmfro ronderëm d'Kommunikatioun vun der Gemeng deelzehuelen an d'Resultater vun der Biergerbedeelegung vum *Masterplang 2035* fir d'Gemeng ginn an enger flotter Broschür presentéiert.

Biergerbedeelegung iwwert d'Notzung vum Manège

Broschür mat de Resultater vum *Masterplang 2035*

Ëmfro ronderëm d'Kommunikatioun vun der Gemeng Ell

Participation citoyenne portant sur l'utilisation du manège

Brochure avec les résultats du *Masterplang 2035*

Sondange portant sur la communication de la commune d'Ell

Le manège situé au parc du château de Colpach devrait être utilisé davantage pour l'organisation d'événements. Cependant, après plusieurs réunions avec des experts, il s'est avéré que le manège nécessite des travaux de rénovation d'envergure. En attendant, le projet LEADER a pris une nouvelle direction, en collaboration avec la commune d'Ell. Les habitants de commune d'Ell avaient la possibilité de participer à un sondage portant sur la communication de la commune. Les résultats de la participation citoyenne, organisée dans le cadre du *Masterplang 2035* de la commune, seront publiés sous forme d'une brochure.

All together

Inklusive Chouer * Chorale inclusive Wëlle Westen

D'Fondatioun EME huet sech fir hire 15. Anniversaire e ganz besonnesche Projet ausgeduecht, bei dem d'Mënschen am Vierdergrond stoungen! Och am Wëlle Westen gouf matgesongen, mat net manner wéi 45 Persounen am nei gegrënnten inklusive Chouer, deen an de Raimlechkeete vun *Op der Schock* stattfonnt huet. Bei dësem musikalesche Projet stoung d'Freed um Sangen am Vierdergrond. De Chouer gouf dirigéiert vum Nicolas Billaux. Mat dräi Optrëtter virum grousse Public huet de Chouer dunn d'Resultater vun 10 Prouwe gewisen, den 28. Juni um *Summerowend* vun *Op der Schock*, um nationalen Event *Lëtz celebrate inclusion* an de 6. Juli op der *Kinnekswiss*. De Chouer geet 2025 am Hierscht an eng nächst Saison.

10
Prouwen mat iwwer 45 Persounen

3
Concerten

Laachen, Freed um Sangen a begeeschtert Gesiichter

10
répétitions avec plus de 45 personnes

3
concerts

Des rires, la joie de chanter et des visages enthousiastes

À l'occasion de son 15ème anniversaire, la Fondation EME a lancé un projet extraordinaire, mettant au premier plan les personnes. Au Wëlle Westen on a aussi chanté ensemble, pas moins de 45 personnes ont rejoint le nouveau chœur inclusif, qui s'est réuni dans les localités de *Op der Schock*. Ce projet musical a mis en avant la joie de chanter. La chorale fût dirigée par Nicolas Billaux. Le résultat des répétitions a été présente aux trois concerts, le 28 juin au *Summerowend* de *Op der Schock*, le 6 juillet au concert national à la *Kinnekswiss* et à l'évènement *Lëtz celebrate inclusion*. La suite du chœur aura lieu en automne 2025.

Fondation EME

www.alltogether.lu

Café Créatif

De Fuedem deen eis verbënnt

A'Musée a.s.b.l. huet mam *Café Créatif* an der aler Schoul zu Mäerzeg, Mëtt Oktober e sozial inklusiven Treffpunkt an déi éischt *Ruche d'art* zu Lëtzebuerg opgemaach. An dësem Atelier huet een d'Méiglechkeet senger Kreativitéit fräie Laf ze loossen, entweder am Upcycling Atelier, um Repair Dësch oder an aneren artisteschen Atelieren (molen, bastelen asw.). De *Café Créatif* ass awer och do fir einfach laanscht ze komme fir eng Taass Kaffi ze drénken an sech mat de Leit auszetauschen! D'nächst Joer geet de Projet an eng nächst Phase mat mobillen Atelieren an de Gemengen am Wëlle Westen. Esou kréien och Leit déi manner mobil sinn, d'Méiglechkeet sech kreativ un den Aktivitéiten ze bedeelegen.

Éischte Café Créatif am Wëlle Westen

Fix Ëffnungszäiten mat Encadrement

Fräi Bedeelegung fir jiddereen

24
mobil Antennen an de Gemengen fir jiddereen ze erreechen (2025)

Premier Café Créatif au Wëlle Westen

Heures d'ouvertures fixes avec encadrement

Participation gratuite

24
antennes mobiles dans les communes afin de pouvoir inclure tout le monde (2025)

A'Musée a.s.b.l. a créé la première Ruche d'art au Luxembourg, en installant le *Café Créatif* à l'ancienne école à Mertzig, qui est un lieu de rencontre social et inclusif. Ici on a la possibilité de laisser libre cours à sa créativité, que ce soit à l'atelier Upcycling, à la Repair Table ou en participant à d'autres ateliers artistiques (bricolage, dessin etc.). Le *Café Créatif* est aussi un endroit où on peut se rendre pour boire une tasse de café et partager avec d'autres personnes. L'année prochaine, la phase suivante du projet va être lancée. Des ateliers mobiles seront organisés dans les communes de la région Wëlle Westen. Ceci permettra aux personnes moins mobiles, de pouvoir participer aux activités et être créatifs.

www.cafecreatif.lu

NIEDERPALLEN

TO COME

LEADER-Projeten hu meeschtens eng laang Virlafszäit. An alle Projete stécht ganz vill Häerzblutt vum Projetsträger a Berodung vu Säite vum klenge Comité an dem LEADER-Büro. Ganz oft ginn eng ganz Rei Reuniounen engem Projet viraus, ier e fäerdeg opbereet ass fir dem Comité délibérant vum LEADER-Grupp virgestallt a fir de Vott proposéiert ze ginn. Esou hunn och 2024 vill Reunioune stattfonnt ronderëm Projeten, déi, wann alles gutt geet, 2025 hier Friichte wäerten droen. Hei en Aperçu:

Les projets LEADER ont généralement une longue phase de préparation. Chaque projet reflète un travail acharné des porteurs de projets et des conseils fournis par le petit comité et le bureau LEADER. Très souvent, une série de réunions précède la présentation d'un projet au comité délibérant du groupe LEADER pour qu'il puisse être soumis au vote. Ainsi, en 2024, de nombreuses réunions ont eu lieu autour de projets qui, si tout se passe bien, porteront leurs fruits en 2025. Voici un aperçu :

Geschichteland: Muséeën am Wëlle Westen

D'Kierch am Duerf

Umbrella: Kultur- a Nohaltegkeetswierkstat

Äerdschëff – Éducation permanente et bifurcation écologique

Wat ass et dir wäert?

D'EKIPP VUM * L'ÉQUIPE DU **LEADER** WËLLE WESTEN

Céline Lanners
Responsable-gestionnaire

T (+352) 28 33 49-20
E celine.lanners@leader.lu

Sabrina Schneider
Assistante technique

T (+352) 28 33 49-10
E sabrina.schneider@leader.lu

LEADER Wëlle Westen

43, Grand-Rue
L-8510 Réiden
T (+352) 28 33 49-10
E wellewesten@leader.lu

LEADER WËLLE WESTEN
MAACHT MAT!

Eng regional Entwécklung baséiert op authentesche Partnerschaften, innovative Projeten, Orientéierung u Wäerter, Empathie an Nolauschteren. Dëst sinn d'Grondwäerter mat deenen de LEADER-Grupp Wëlle Westen Projeten ënnerstëtzt fir d'Entwécklung vun der Regioun virun ze dreiwen.

Maacht och dir mat: mat ärer Gemeng, ärem Veräin oder einfach als privat Persoun mat Engagement an enger gudder Iddi!

All Iddi, déi an d'Grondsätz vu LEADER an am Sënn vun der Weiderentwécklung vun der Regioun ass, ass et wäert gelauschtert an diskutéiert ze ginn, a stéisst am LEADER-Büro op oppen Oueren.

Le développement régional est basé sur des partenariats authentiques, des projets innovants, l'orientation vers les valeurs. Ce sont les valeurs principales avec lesquelles le groupe LEADER Wëlle Westen soutient les projets qui contribuent au développement de la région

Soyez de la partie : avec votre commune, votre association ou en tant que personne privée avec une idée géniale !

Chaque idée, qui respecte les principes de LEADER et va dans le sens du développement régional, mérite d'être entendue et discutée, et sera accueillie à bras ouverts au bureau LEADER !

DUERFENTWÉCKLUNG

Hëllef och du mat däin Duerf eenzegaarteg ze maachen! D'Duerfentwécklung ass den neie Förderprogramm vum Ministère fir Landwirtschaft, deen am Agrargesetz vum 2. August 2023 verankert ass, an an deem verschidde Moossname fir d'Entwécklung vum ländleche Raum festgehalen si ginn. Fir datt den Ënnerscheed zum stättesche Gebitt méi kleng gëtt, a Wunnen a Schaffen am ländleche Raum attraktiv bleift.

5 hallef Tâche sinn an de LEADER-Regioune geschaf gi fir d'Partner kënnen ze beroden. Den Opbau vun engem Netzwierk Duerf- an Zesummeliewen ass besonnesch wichteg a spillt eng zentral Roll an der Aarbecht vun den Duerfentwéckler. Eng enk Zesummenaarbecht mam „Vivre ensemble" läit op der Hand.

Aidez-nous à rendre votre village unique ! Le développement villageois est un nouveau programme de subventions du Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture ancré dans la loi agraire du 2 août 2023, qui fixe les mesures pour le développement de l'espace rural. Il s'agit de réduire la différence avec la région et de faire en sorte que vivre et travailler dans l'espace rural restera attrayant.

5 tâches à mi-temps ont été créées dans les régions LEADER afin de pouvoir conseiller les partenaires. L'établissement d'un réseau est très important et joue un rôle central dans le travail des *Duerfentwéckler*. Une collaboration étroite avec le pacte du « vivre ensemble » va de soi.

DUERF ENTWÉCKLUNG

LEADER
WËLLE WESTEN

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Ziler vun der Duerfentwécklung
Les objectifs du développement villageois

D'Haaptzil vun der Duerfentwécklung ass d'Liewensqualitéit vun der ländlecher Bevëlkerung ze verbesseren an déi wirtschaftlech Entwécklung an de ländleche Gemengen ze stäerken. Et geet ëm eng Förderung vum soziale Mateneen, d'Opriichterhaale vum Duerf- a Veräinsliewen an d'Bedeelegung vun de Bierger*innen un der Entwécklung vu kommunale Projeten.

L'objectif principal est l'amélioration de la qualité de vie de la population rurale et le renforcement du développement économique dans les communes rurales. Il s'agit du soutien du vivre ensemble, de la préservation de la vie des villages, des associations et l'implication des habitants dans le développement des projets communaux.

Baulech Mesure ginn an 8 Moossnamen ënnerstëtzt:
8 mesures soutiennent les projets d'infrastructure :

- Grondversuergung vun der Landbevëlkerung
  Services de base pour la population locale
- Fräizäit-, Kultur- an Tourismusinfrastrukturen
  Infrastructures et équipements récréatifs, culturels et touristiques
- Erhalen an Opwäerte vum Kultur- an Naturierwen
  Conservation et valorisation du patrimoine culturel et naturel
- Pädagogesch Empfangsstrukturen fir aktiv Baueren & kleng Entreprisen
  Structures d'accueil pédagogiques pour agriculteurs actifs et micro-entreprises
- Berodung a Weiderbildung am Kader vun der Duerfentwécklung
  Conseil et formation dans le cadre du développement villageois
- Nohalteg sozioekonomesch Aktivitéiten a Vermaartung vu regionale Produkter
  Développement d'activités socio-économiques durables
  Commercialisation de produits régionaux :
  - création de marchés couverts pouvant accueillir au moins 5 marchands
  - création ou amélioration de structures et locales d'approvisionnement de petite taille figurant comme point de vente en milieu rural
- Gefier fir d'Vermaartung vu regionale Produkter
  Véhicule destiné à la vente de produits régionaux
- Biergerbedeelegung
  Participation citoyenne

Méi Informatiounen op:
Plus d'informations sous :

agriculture.public.lu

D'EKIPP VUM * L'ÉQUIPE DU **LEADER** WËLLE WESTEN

Joëlle Ferber
Chargée de mission Duerfentwécklung

T (+352) 28 33 49-30
E joelle.ferber@leader.lu

LEADER Wëlle Westen

43, Grand-Rue
L-8510 Réiden
T (+352) 28 33 49-10
E wellewesten@leader.lu

D'Joëlle Ferber schafft zënter Mëtt September fir d'Regioun Wëlle Westen an huet zousätzlech e puer Gemengen, déi méi zentral geleeë sinn a sengem Aktiounsgebitt: Biekerech, Ell, Groussbus-Wal, Mäerzeg, Préizerdaul, Rammerech, Réiden, Sëll, Useldeng, Viichten, Colmer-Bierg, Luerenzweiler, Lëntgen, Steesel, Nidderaanwen.

Joëlle Ferber travaille depuis mi-septembre pour la région du Wëlle Westen et a en plus d'autres communes, se situant dans le centre du pays, dans son rayon d'action : Beckerich, Ell, Groussbus-Wal, Mertzig, Préizerdaul, Rambrouch, Redange, Saeul, Useldange, Vichten, Colmar-Berg, Lorenzweiler, Lintgen, Steinsel, Niederanven.

MERCI

Ee groussen **MERCI** un all d'Memberen, d'Projetsträger*innen a jidderengem, deen 2024 Zäit an Energie an d'Weiderentwécklung vun der Regioun Wëlle Westen investéiert huet!

Aleng geet ee méi séier, zesumme gi mer méi wäit!

Un grand **MERCI** à tous les membres, porteurs de projets et à chacun d'entre vous qui a investi du temps et de l'énergie dans le développement de la région Wëlle Westen en 2024 !

Seul on va plus vite, ensemble on va plus loin !

IMPRESSUM

Editeur / Éditeur
LEADER Wëlle Westen
43, Grand-Rue
L-8510 Réiden

T (+352) 28 33 49-10
E wellewesten@leader.lu
W www.leader.lu/wellewesten

Fotoen / Photos
LEADER Lëtzebuerg, TouristInfo Wëlle Westen, ORT Guttland, Gringgo a.s.b.l., Daniela Noesen, Anouk Flesch, A'Musée a.s.b.l., Chris Kerschen, Anne Lommel, Liz Hacken, Céline Lanners, Sabrina Schneider, Sebastien Grébille, Pol Arlé, Ministère de l'Agriculture

Drock / Impression
220 Exemplairen / exemplaires

Datum / Date
Dezember / Décembre 2024

LEADER
WËLLE WESTEN

Cofinancé par
l'Union européenne

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture